N°8283
Entrée le 05.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.09.2023

Lëtzebuerg, den 4. September 2023

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Am Editorial vum leschte Fëscher, Jeeër an Hondsfrënn (No 4, August 2023, S. 5) huet de President vun der Jeeërfederatioun op Problemer am Kontext vun Etüden déi uechter d'Land gemaach ginn higewisen. Nuechtelaang géinge Leit mam Accord vum Minisitère mat Täscheluuchten duerch Bëscher lafen. De Juegdpiechter géing net informéiert ginn, a scho guer net gefrot ginn. Déi Leit vun den Büro d'Etüde géinge sech op privat Terrainen breet maache wéi wann se bei sech doheem wieren.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- *Kann d'Madamm Minister déi Aussoen confirméieren?*
- *Wa jo, ëm wéi eng Etüden handelt et sech?*
- *Wéi vill där Etüde sinn an de leschte zwee Joer gemaach ginn?*
- *Firwat ginn d'Juegdpiechter net doriwwer informéiert?*
- *Wat ass den Impakt vu deene Leit hirem Virgoen an de Bëscher op d'Fauna an d'Flora?*
- *Mussen déi Leit net eventuell och fir Wëldschued opkommen?"*

Mat déiwem Respekt,

Gusty GRAAS
Deputéierten

Guy ARENDT
Deputéierten